REÇU le

13 JUIL. 2026

Rép : ..............................

CSV SANDWEILER

sandweiler@csv.lu

Administration communale de Sandweiler
A l'attention du Collège échevinal
18, rue Principale
L-5240 Sandweiler

Sandweiler, den 12. Juli 2026

**Betrëfft: Froen un de Schäfferot fir d'Gemengerotssëtzung vum 16. Juli 2026**

Här Buergermeeschter a Memberen aus dem Schäfferot,

Am Numm vun der CSV Sandweiler biede mir Iech an der nächster Gemengerotssëtzung vum 16.07.2026 zu follgende Froen am Detail Stellung ze huelen. An der Suite biede mir Iech ons Är Äntwerte schrëftlech zoukommen ze loossen. Et sief drop higewisen dass de Gemengerot eng Kontrollmissioun vis-à-vis vum Schäfferot an dofir Recht op konkret a vollstänneg Äntwerten huet.

**Fro 1:**

Am "Sandweiler Aktuell 09-2026" huet de Schäfferot iwwer d'Fermeture vum Schoulhaff vum Haus vun de Kanner iwwer de Weekend informéiert, dëst nodeem ëmmer erëm Dreck fonnt gëtt. Mir bedaueren ausdrécklech de Mangel u Respekt vun eenzelnen Léit an deelen der Gemeng hiren Opruff de Knascht richteg ze entsuergen.

- Wéini plangt de Schäfferot dat ugekënnegt Reglement fäerdeg ze hunn?
- Wéi plangt de Schäfferot dat Reglement da Weekends duerchzesetzen fir sou weider Problemer ze verhënneren?
- Well an dëser Sëtzung dat ugekënnegt Reglement net zum Vott stoung, bleift dowéinst dee Schoulhaff de ganze Summer zou?

**Fro 2:**

Am Kader vun enger "Procédure introduite par assignation" huet de Gemengerot den 27.11.2025 e Mandat spécial gestemmt fir d'Gemeng an deem Dossier ze vertrieden.

- Ass déi juristesch Prozedur géint d'Gemeng mëttlerweil ofgeschloss?

- Wann jo, wat ass Conclusioun vum Geriichtsurteel an seng Konsequenze fir Gemeng?
- Wann nee, wou ass d'Prozedur drun?

**Fro 3:**

Viru 4 Méint ass an der Gemengerotssëtzung vum 10. Mäerz ass den Acte vum Appartementshaus Nr 19a an der rue Principale gestëmmt ginn, a Gemeng misst an der Zwëschenzäit Proprietär vun dësem Gebai sinn. Duerfir stelle mir follgend Froen:

- Sinn déi 3 Appartementer am Moment bewunnt?
- Wéi vill Loyer bezuele Locataire souwuel fir Appartementer, wéi och fir d'Geschäft?
- Weem bezuele Locatairen de Moment de Loyer ?
- Vu weem ginn Appartementer an Zukunft geréiert?
- Ween decidéiert, ween do wunne kann?
- Kennen Locatairen, déi am Moment dra wunnen en neie Bail kréien?
- Wéini kommen déi nei Bailen an de Gemengerot?
- Huet Gemeng schonn e schrëftlecht Engagement dat se e Subside vum Ministère kréien?
- Wa jo, wat ass de Montant?

**Fro 4:**

Bei de Fändelen nieft dem Centre Culturel hänkt e Certificat, dat de Buergermeeschter de 5. Juni eng Baugeneemegung accordéiert huet fir de Bau vun engem „Parking ouvert".

Op dësem Certificat feelt ënnen esou wuel den Datum, wéi och d'Ënnerschrëft vum Buergermeeschter. Ausserdeem muss dëse Certificat um Chantier nieft dem Trottoir affichéiert ginn sou dat en accessibel a liesbar fir de Public ass. Dëst ass eendeiteg net de Fall.

Do derniewent stelle mir follgend Froen zu deem Projet:

- Wéi ni ginn d'Aarbechten un?
- Wéi gëtt Iwwergangsphase geplangt?
- Kennt e provisoresche Parking hannert Haus Nr 21 / 23 an der rue Principale?
    - Wa jo, wou kennt do D'Aus- an Afaart?
- Gett dat Gebai ofgerappt?
- Wat kascht dee provisoresche Parking?
- Gett duerfir erëm e Crédit supplémentaire gestëmmt ?

- Wann net, vu wellechem Budgetsposte ginn des Aarbechte bezuelt?

**Fro 5:**

- Wéi vill Protokoller huet den aktuellen Agent municipale säit senger Astellung geschriwwen?
- Wéi eng verschidde Verstéiss goufen dobäi wéi oft verbaliséiert?

Romain DUMONG
Conseiller

Jean LEMMER
Conseiller

Simone MASSARD-STITZ
Conseillère